



N°6981
Entrée le 10.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

De Mëttelstandsministère proposéiert säit 2014 d'Programmer fir kleng a mëttelstänneg Entreprises (SME). Dës fir d'éischt duerch 4 Fit for Performance Programmer. Dës sollen elo no engem Accord vum 29ten September tëscht dem Ministère, der Chambre de commerce an der Chambre des métiers weider ausgebaut ginn. No den Annoncë fir d'SME-Packages méi wäit opzemaachen ass z'erwaarden datt et och e méi groussen Intérêt gëtt, fir als Entreprise Prestataire de Services an deem Kader ze ginn. Eis ass awer bekannt datt schonns 2020 Betriber virun hirer Bewerbung gesot kruten, se sollen hir Kandidatur zrëck zéien a fir 2022 ass den Appel de candidatures schonn zou.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gett uschléissend un dës nei Ännerungen och en neien Appel de Candidatures fir Prestataire gemaach? Wa jo, ab wéini, wann nee, firwat net?
2. Falls hei nëmme sollt ee punktuellen Appell gemaach ginn, ass de Minister net der Meenung datt eng Prozedur déi nëmme punktuell op ass zu enger struktureller Benodeelegung féiere kéint?
3. Wäert de Minister an Zukunft, bei all Verännerung vun der Offer vun de Fit 4 Programmer een neien Appel de Candidatures opmaachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Äntwert vum Minister fir Mëttelstand op d'parlamentaresch Fro n° 6981 vum 10. Oktober 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement.

Bei de Fit 4-Programmer ginn d'Appels à candidature ëmmer 1 mol am Joer vu Luxinnovation gemaach. Dës Approche huet sech iwwert déi lescht Jore bewäert an wäert deemno och fir de Programm SME-Packages iwwerholl ginn.

Et ass ze bemierken, dass wann eng Kandidatur vun engem Prestataire während dem Joer erakënnt, Luxinnovatioun de Prestataire automatesch kontaktéiert soubal den Appel à candidatures op ass. Deemno kann een hei net vun enger struktureller Benodeelegung schwätzen, well dës Prozedur an aller Transparenz ofgewéckelt gëtt an d'Konditione fir all Prestataire déi selwecht sinn.

D'Bedingunge fir als Prestataire bei deene verschiddene Programmer matzeschaffen sinn op Luxinnovation.lu och öffentlech zougänglech.

Lëtzebuerg, den 18/10/2022.

De Minister fir Mëttelstand

(s.) Lex Delles